



male Fuere mam Auto méi no kommen. Mir brauchen nämlech Verbesserung vum den Emissiounen op de Stroossen an net just um Pabeier.

A mir sollten eis onbedéngt iwwerleeën, Méiglechkeeten ze schafe fir d'Konsumenten, fir dass si sech besser wiere kënnen, zum Beispill iwwert de Wee vu Sammelkloen. Mir gesi jo, wéi zum Beispill an Amerika esou Sammelkloen eppes kënnen bewierken. An den USA goufen déi geschiedegt Propriétaire vum dem Constructeur finanziell entschiedegt. A bei eis, do krute se en Update vun der Software gemaach.

Mä ech mengen, am grouse Ganzen ass dat Gesetz richteg an et verdéngt alleguerten eis Zoustëmmung.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Gusty Graas kritt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, u sech kann een e bësse weiderfuere no deenen Ausféierungen, déi een am Gesetz virdru gemaach huet, wou gesot ginn ass, datt et un der Politik ass, e gudder Ramen ze setzen, datt d'Ekonomie sech kann entwéckelen.

Op där anerer Säit huet d'Ekonomie allerdéngs awer och eng Verantwortung ze iwwerhuelen, an zwar net dee Ramen ze abuséieren. An dat ass awer leider hei a verschiddenen Domäne geschitt, besonnesch an der Automobillindustrie. Duerfir ass et gutt, datt mer eis haut och e legislative Kader ginn, fir datt déi Leit, déi mengen, si missten nach ëmmer d'Profitmaximéierung méi no uewe steieren, awer hir Grenze gesat kréien.

Duerfir ass dat hei, wéi gesot, e gudden Text, nieft deenen anere méi klengen Detailer, déi mer hei änneren, déi awer och net onwichtig sinn. An dowéinst kann ech, wéi gesot, dann och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei bréngen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Da wär et um Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo. Merci, Här President. Ech mengen, och dëst Gesetz wäert e Konsensus kréien. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un de Rapporteur. An ech mengen, et ass esou wäit alles gesot. Ech wëll et also net nach eng Kéier widerhuelen. Vun eiser Säit aus also och e positiven Avis.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun an den Här Nohaltegkeetsminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi gudder schréfflechen a mëndleche Rapport an allen Deputéierten a Fraktiounen fir déi breet Zoustëmmung.

Dat, wat mer haut hei ofstëmmen, mindestens e gudden Deel dovunner, dat ass een Deel vun den Äntwerten, déi mir ginn hunn am Ministère op de ganzen Dieselskandal an dat, wat alles do ronderëm hänkt. Dir kënnt lech drun erënneren, mir hu jo eng ganz Rei Saache gemaach.

Mir hunn en Audit gemaach bei der SNCH, wou Konkusiounen erauskomm sinn. Déi wichtegst war natierlech déi, datt elo zu Lëtzebuerg, par rapport zu deem, wéi d'Autoen hei homologéiert gi sinn, stroferechtlech näischt Relevantes erauskomm ass an deem Audit an datt méi gesot ginn ass, datt ee misst kucken, wéi een d'SNCH strukturell nach besser opstellt, fir datt se an Zukunft an deem dote Bërich - wéi soll ech soen? - nach méi...

Alles kritt ee jo souwisou ni duerchkuckt, wat verschidde Leit maachen, d'autant plus wa se mat esou engem krimineller Energie fuddelen, wéi hei gefuddelt ginn ass an deem ganze Skandal. Mä awer sinn do eng ganz Rei Saachen erauskomm. An déi sinn an der Ëmsetzung, déi Saachen. Mir hu strukturell scho viles verännert, wat eis wäert an Zukunft hëllefen, datt mer do nach besser opgestallt sinn.

Dann hu mer och eng Plainte gemaach, dat wësst Der och. Et ass jo net, well mer dat hei net haten, déi Strofmesuren, déi mer elo haut hei stëmmen, datt mer keng Méiglechkeete gehat hätten, fir juristesche virzegoen. Mir hunn dat gemaach. Mir hunn e ganzen Dossier ze-

summegestallt a mir hunn dee beim Parquet deposéiert. An do leeft och de Moment eng Enquête. Dat ass elo bei der Justiz. Duerfir wëll ech mech och dozou net méi äusseren. An dat soll och heibanne kee maachen. Ech mengen, d'Justiz, déi mécht do hir Aarbecht.

An da sinn eng ganz Rei méi kleng Detailsaachen nach gemaach ginn an deem ganze Kontext, op déi ech awer elo hei de Moment net méi wëll agoen. Mä dat hei ass awer och ee wichtegen zousätzlechen Aspekt, och een, wou mer vu Bréssel am Kontext vun där ganzer Af-fär geschriwwen kritt haten, well mir keng spezi-fesch Sanktiounen an eiser Gesetzgebung hate bis elo. A mir sinn awer direkt, wéi dee ganze Skandal ausgebrach ass a mer dat alles gekuckt hunn a mer dat festgestallt hunn, op de Wee gaangen, fir déi Sanktiounen ze schafen iwwert dat Gesetz hei. Duerfir gëtt dat hei jo haut gestëmmt.

Ech wëll och soen, datt ee sech keng Illusiounen soll maachen, datt esou Softwareupdaten a wat nach alles elo dobäi erauskomm ass bei eisen Nopeschlänner oder och bei Kloen, bei Sammelkloen, déi gemaach gi sinn op anere Plazen, datt dat elo géif viles um Fong vum Problem änneren. Well déi Softwareupdaten, wann een do e bëssen d'Fachliteratur liest, stellt een awer och do fest, datt dat - wéi soll ech soen? - méi e psychologeschen Effekt huet, wéi datt et reell eppes bréngt fir d'Loftqualitéit dobaussen oder par rapport zu den Emissiounen vun den Autoen.

Ech bleiwe bei menger Meenung, dat ass, datt, wa mer gären hei de Problem grundsätzlech léisen, da mussen mer alles drusetzen, datt mer ewechkomme vum Verbrennungsmotor. Dat ass déi eenzeg Léisung.

An egal wat lénks a riets gezielt gëtt, Dir gesitt dat jo och ëmmer, wéi dee Skandal nach duerno weider geschloen huet, wann Der elo matkritt hutt, wat geschitt ass an deene leschte Wochen, wou erauskomm ass, wat fir eng Tester do gemaach gi sinn, mat wat fir enger... - loosse mer soen -, mat wat fir enger..., also, ech fanne scho bal keng Wieder fir dat, wat do gemaach ginn ass, deelweis un Déieren oder souguer u Mënschen, fir am Endeffekt esou Tester maachen ze loosse vun Instituter, déi vu sech aus selwer, datt ass jo och entre-temps erauskomm, éischter Lobbye si vu verschid-dene Leit. Also ech mengen, do gesäit een, wéi wäit datt dat Ganzt geet. An ech mengen, déi eenzeg richteg Solutioun ass: ewech vum Verbrennungsmotor! Ech bleiwe bei där Meenung.

Ech sinn awer natierlech och fir Sammelkloen. Dat ass zwar net meng Kompetenz, mä dat ass dem Wirtschaftsminister seng Kompetenz. Ech weess awer och, datt de Wirtschaftsminister un enger Ännerung an der Gesetzgebung schafft, fir datt ee Sammelkloe ka maachen. Well ech mengen, et ass méi wichteg, fir finanziell Entschiedegungen erauszuschloen, an déi wirken och méi als Drockmëttel wéi all méiglech anert technesch Gefummels, wat een nodréiglech mécht, wann en Auto op de Marché bruecht ginn ass, deen net de Standarden entsprécht, deenen e misst entsprechen.

Dann ass jo och déi nei Real-Driving-Emissions-Direktiv, déi elo a Kraaft ass. Do wäerten och eng Rei Ännerungen kommen um Niveau vun der Kategorie, an déi d'Autoen herno falen. Mir si jo amgaangen, dorun ze schaffen, wéi mer déi Transitionunphas hikréien. An dann, ab engem gewëssene Stéichdatum wäerten dann natierlech Autoen, nei Autoen, déi verkaaft ginn, eben ënnert déi Kritäre falen.

An ech mengen, wat wichteg hei ass, dat ass, datt mer näischt Réckwierkendes maachen. Mir kënnen jo net d'Consommateure strofe fir eppes, wat se net woussten, wéi se den Auto kaaft hunn, a woufir se elo géife réckwierkend bestrooft ginn. Dat ass meng Suerg ëmmer. Ech fannen, dat ass e falscht Signal. Wann een eppes, eng Reglementatioun ännert a verschäerft, da soll se verschäerft gi fir d'Zukunft. Also fir dat, wat een nei kann uschaffen, datt een de Choix huet, wann een an e Geschäft geet, wann ee weess: Wann ech dat dote kafen, kascht dat mech esou vill oder huet dat déi Konsequenzen an dat doten huet vläicht aner Konsequenzen. An an deem Sënn wäerte mer och d'Reglementatioun an d'Iwwergangsbestëmmunge maachen.

Fir de Rescht nach eng Kéier Merci fir déi breet Zoustëmmung!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Mir këinten dann iwwergoen zum Vott iwwert den Ensemblen vum Projet de loi 7107.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7101 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwuer: och hei Unani-mitéit. De Projet de loi 7101 ass ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Mergen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Kriepes, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Et bleift mer just nach d'Chamber ze froen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott ufroen.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An da komme mer zum Projet 7111. D'Rapportrice ass d'Madamm Josée Lorsché. Hei geet et ëm d'Zoustellung vun deem „Billet doux“, wann ee vun de Radaren erwëscht gëtt.

4. 7111 - Projet de loi modifiant

1° la loi modifiée du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés

2° la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

3° la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises

4° la loi modifiée du 23 février 2010 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires

5° la loi du 5-15 septembre 1807 relative au mode de recouvrement des frais de justice au profit du Trésor public, en matière criminelle, correctionnelle et de police

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi komme mer bei déi beléifte Radaren. Dozou, fir unzefänken, e puer Zuelen. Zanter dem Akraaftriede vum Gesetz vum Juli 2015 sinn um Lëtzebuerg Stroossereseau am Ganzen 20 fix a 6 mobil Radare a Betrib. Fir d'Joer 2018 si weider 4 fix Radare virgesinn, soudatt mir dann Enn 2018 op en Total vun 30 Radare wärte kommen.

Ëm déi 500.000 Infraktiounen hu mëttlerweil zu engem Avertissement taxé gefouert. Net grad 140.000 vun de geblätzten Autoe waren zu Lëtzebuerg immatrikuléiert an déi aner dann am Ausland. 83% vun de geblätzte Chaufferen hunn hir Amende bezuelt, während 17% vun den Amenden net bezuelt gi sinn. Zuelemeis-seg komme mir domat op iwwer 42.000 onbe-zuelte Protokollen.

Dës Tatsaach werft natierlech d'Fro op, wéi de Stat déi feelend Gelder kann andreiwen, well et net akzeptabel ass, datt déi eng hire Protokoll bezuelen, während déi aner sech aus der Verant-wortung schläichen an net mam Ouer geholl ginn. D'Äntwert liwwert dësse Projet de loi, deen d'Prozedur bei engem Avertissement taxé an deem Sënn modifizéiert, datt d'Luus-erten net méi ongestrooft dervukommen.

An engens gëtt vun dësem Projet de loi och profitéiert, fir d'Prozeduren a gewëssene Punk-ten ze vereinfachen. Ech erkläre mech: Anescht

wéi bis ewell soll den éischte Bréif mam Avertissement taxé aus enger Lettre simple bestoen an net méi aus enger Lettre recommandée, wéi mer dat am Gesetz festgehalen haten. Eréischt wann d'Amende no dësem éischte Bréif net be-zuelt ginn ass, kënnt et zu enger Lettre recom-mandée.

D'Contestatioun, op déi eng Persoun sech ka berufen, falls et sech ëm en Iertum handelt, läit an deenen zwee Fäll bei engem Delai vu 45 Deeg. Dat heescht, am Ganzen huet eng Per-soun 90 Deeg Zäit, fir ze reklaméieren.

Dës Contestatioun kann um elektronesche Wee erfollegen. Dat heescht, et muss ee sech net extra déplacéieren. Dat leeft iwwert de MyGui-chet.lu. Am Fall, wou d'Amende no deenen zwee Bréiwer mat engem Gesamtdelai vun 90 Deeg weder bezuelt nach contestéiert ass, kënnt et zu enger Amende forfaitaire, déi vun initialen 49 Euro op 98 Euro eropgesat gëtt. Dat heescht, d'Amende gëtt verduebelt a gëtt der betroffener Persoun iwwer Lettre recom-mandée zougestallt. Den Delai, fir ze bezuelen, läit an dësem Fall bei 30 Deeg. E Recours géint dës Decisioun ass an dësem Fall nach just nom Bezuele vun der Amende méiglech a leeft iwwert d'Geriicht.

Sollt et sech erausstellen, datt déi betrafte Per-soun onschëlleg ass, kritt se dann den integrale Montant zrëckerstatt. An deem Sënn handelt et sech bei dëser Prozedur, beim Bezuele vun der Amende forfaitaire, ëm eng Consignatioun, déi zrëckbezuelt ka ginn, souzeseen ëm en Han-nerleee vu Geld.

Am Fall, wou d'Persoun nom Delai vun 30 Deeg weder bezuelt nach d'Decisioun contes-téiert huet, kënnt den Enregistrement - mir schwätze vum Enregistrement zu Lëtzebuerg, dat ass d'Administration de l'enregistrement et des domaines -, da kënnt déi an d'Spill an zitt d'Amende a Form vun engem Recouvrement an. Dës Prozedur ënnersteet der Autorisatioun vum Procureur général d'État an ass am Code de procédure pénale définéiert.

Konkret leeft se iwwert de Centre commun de la sécurité sociale, deen dem Enregistrement déi néideg Donnéeën vun der Persoun iwwer-mëttelt. Dobäi ass ze soen, datt deen Transfer vun den Donnéeën ënner enger ganz securi-sierter, limitierter a kontrollierter Form erfol-legt, fir ze verhënneren, datt Abus bedriwwen gëtt.

Eng weider Neierung betrëfft déi Persounen, déi eng Amende zougestallt kréien, mä net de Chauffer waren. Am Fall, wou den Avertisse-ment taxé net bezuelt gëtt, ginn déijéineg Per-sounen obligéiert, den Autoritéiten d'Identitéit vum Chauffer matzedeelen, fir datt dann och wierklech bezuelt ka ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn a kuerze Wieder d'Hauptpunkte vun dësem Projet de loi, deen den 23. Januar 2016 vum Minister François Bausch deposéiert ginn ass. Neen, 2017 ass en deposéiert ginn. Pardon!

A sengem Avis vum 27. Juni 2017 huet de Statsrot dräi Oppositionen formelles erhuwen. Déi éischt hat domat ze dinn, datt d'Amende forfaitaire net an e Règlement grand-ducal, mä an d'Gesetz muss ageschriwwen ginn. Déi zweet huet sech op den Droit de recours géint d'Amende forfaitaire bezunn. An déi drëtt Op-position op de Principe vun der Non-rétroacti-vité des peines, dee seet, datt d'Amendes for-faitaires net retroaktiv kënnen agezu ginn.

Här President, d'Nohaltegkeetskommissioun huet dem Avis vum Statsrot Rechnung gedroen an den initialen Text an deem Sënn amen-déiert. Weider Avise koume vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers an der nationaler Dateschutzkommissioun. D'Detailer dozou fannt Der och a mengem schréft-leche Rapport. Den 1. Februar 2018 huet d'No-haltegkeetskommissioun mäi Rapport eestëm-meg ugehall.

A fir ofzeschlëssen invitéieren ech lech, dësse Projet de loi ze stëmmen, well en dozou féiert, datt jiddweree bei Radarkontrolle gläichbehan-delt gëtt an datt kee sech aus der Verantwor-tung kann zéien. Mat engem Merci un d'Ma-damm Josiane Pauly an un den Här Guy Heintz, déi eis bei dësem kniwwelege Projet gehollef hunn.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech, fir dës Woch eng leschte Kéier, Merci fir d'Nolauschtenen.

► Plusieurs voix. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. D'Wuert huet den Här Aly Kaes.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen de Mët-teg de Projet de loi 7111, deen de Kontrollsys-tem an de System vun den automatesche Sank-tiounen soll adaptéieren. Mä erlaabt mer fir d'Éischt natierlech, wéi dat sech gehéiert, der



Rapportrice, der honorabler Madamm Josée Lorsché, villmools Merci ze soe fir hire ganz guddé mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, de virleierenden Text huet als Zil, d'Prozeduren ze vereinfachen an d'Gerichter ze entlaaschten, an dëst am Kader vu Stroosseneliker. Jo, dat aktuell Gesetz weist gewësse Schwächen op, déi u sech solle behuewe ginn. Esou gesäit de virleierende Gesetzestext eng nei Informatiounsprozedur vir.

Anstatt direkt en ageschriwwene Brëif ze kréien, kritt de kontrolléierten Automobilist an Zukunft als Alleréischte en einfache Brëif. Et ass just, wann d'Leit net op dësen éischte Brëif reagéieren, datt op e Recommandé zréckgegraff gëtt. Déi nei Informatiounsprozedur ass sécher am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung an ass am Interêt vun de Leit selwer, vu datt se net brauchen op d'Post ze goen. Dëst mécht de concernéierte Leit d'Liewe ganz sécher méi einfach.

Den Text, deen haut, zur Ofstëmmung steet, dee gesäit niewent Annerungen um Niveau vun der Informatiounsprozedur och Ännerungen um Niveau vun der Contestationsprozedur vir. Jo, déi concernéiert Leit kënnen hire Strofziedel, esou wéi dat scho virdru gesot ginn ass, den Avertissement taxé elo iwwert de Wee vu MyGuichet.lu contestéieren, wat nees am Sënn vun enger Simplification administrative wéi och am Interêt natierlech vun de Bierger ass.

Wa weder de Strofziedel bezuelt ginn ass nach den Avertissement taxé an engem Delai vu 45 Deeg contestéiert gouf, an et ginn och fir de betreffende Verkéiersdelikt keng Punkte vum Permis fort, da gëtt eng Amende forfaitaire, einfach eng pauschal Geldstrof gesprach, déi u sech déi duebel Héicht huet vun deem, wat den Automobilist ursprénglech hätt misse bezuelen. Hien huet also all Interêt, jo, net ze waarden an direkt der Opfuhrderung nozekommen. Dës pauschal Geldstrof wäert derzou bäidroen, datt déi Leit, déi hir Strofen net bezuelen oder op Zäit spillen, méi staark sanktionéiert ginn.

Och wann de Gros vun de Leit, déi protokolliéiert goufen, hiren Avertissement taxé bezuelen, sinn awer nach ëmmer eng ganz Rei Leit, déi dat net maachen an et ganz einfach drop ukomme loosse. Sou wéi et virdru scho gesot ginn ass, no deene leschten Zuelen, sinn nach ëmmer 42.000, zirka 42.000 Avertissements taxés, déi nach net bezuelt goufen. Déi Leit sollen, an dat ass ganz kloer, net gutt ewechkommen. Dat ass géint main an och géint eist Gläichheetsempfannen. Mir begrëssen dowéinst de Prinzip - ech betounen: de Prinzip - vun esou enger Geldstrof, déi an engem Delai vun 30 Deeg bezuelt muss ginn. Wann dësen Delai erfall ass, da kann de Stat déi Geldstrof andreiwen.

Et gëtt wuel eng Reklamatiounsméiglechkeet géint dës pauschal Geldstrof, mä fir géint déi pauschal Amende kënnen ze reklaméieren, muss een als Alleréischte d'Amende bezuelen. Jo, fir komplett ze sinn, wëll ech och hei soen, datt den initialen Text iwwerhaapt keng Reklamatiounsméiglechkeet géint d'Amende forfaitaire virgesinn hat. De Statsrot huet mat Recht eng Opposition formelle formuléiert. D'Recoursméiglechkeet géint eng Decisioun oder hei géint eng Geldstrof wéi och den Zougank zu de Gerichter si wesentlech Pfeiler vun engem Rechtsstat.

Et ass bekanntlech no enger Léisung gesicht ginn, déi engersäits d'Rechter vun de Bierger, jo, net a Fro stellt an awer op där anerer Säit eis Gerichter sollt entlaaschte beziungsweis abusiv Recoursen evitéieren. An d'Léisung ass déi, déi zréckbehale gouf. An déi ass eben net honnertprozenteg zefriddestellend, och wann een u sech d'Grënn vun esou enger Léisung novollzéie kann.

Mir sinn och net, dat ass och richtig, dat eenzelt Land, wat am Kader vu Stroosseninfrastrukturen op de Wee gaangen ass, Recoursméiglechkeeten un d'Bezuele vun enger Amende ze bannen. An och wann de Prinzip vun enger Consignatioun am Kader vun enger Amende net prinzipiell géint den Artikel 6 vun der Europäescher Mënscherechtskonvention verstéisst, sou kann een trotzdem Bedenken hunn, wat dës Léisung ugeet.

Hei gëtt ëmmerhin e Recht duerch d'Bezuele vun enger Strof konditionéiert. Et kann ee sech d'Fro stellen, ob ee mat dëser Léisung net awer indirekt den Exercice vum Reklamatiounsrecht beschneit. Wann een eppes muss bezuelen, ier ee sech verteidige kann, ier ee säi Recht geltend ka maachen, besteet do net d'Gefor, datt manner Leit reklaméiere wäerten, och wann d'Reklamatioun justifiéiert wier? Besteet do net de Risiko, jo, vun enger sougenannter Zwouklassegesellschaft?

Et kann ee sech froen, ob hei d'Aféierung vun der Amende forfaitaire, dat heescht deen duebele Betrag net...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Kaes, Dir misst lues zur Konklusioun kommen.

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Jo, ech sinn direkt färdig, Här President.

...net duer géif goen, fir géint abusiv Recours virzegoen an d'Gerichter ze entlaaschten. D'Recoursméiglechkeet un de Paiement vun der Amende ze bannen, ass op jidde Fall eng Evolutioun, déi e battere Bäigeschmaach huet.

Ech hoffen op jidde Fall, Dir Dammen an Dir Hären, datt, wann d'Recourse justifiéiert sinn, déi Betrag, déi bezuelt goufen, dann och ganz schnell zréckbezuelt ginn.

Här President, obschonn u sech eng Rei Froe bei der Recoursprozedur bestinn, ass d'CSV mat der genereller Zilsetzung vum Gesetzes-text d'accord a wäert och duerfir dëse Projet de loi trotzdem stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Exzellent

(*Interruptions*)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Mir ginn op Ouschteren zou.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. D'Wuert huet elo den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Villmools Merci, Här President, an och e grouse Merci un d'Rapportrice Josée Lorsché fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Als LSAP begrëisse mer ausdrécklech, dass an enger éischter Phas, wann ee geblëtzt gëtt, een do keen ageschriwwene Brëif méi kritt. An domadder ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Gusty Graas huet d'Wuert.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(*Brouhaha général*)

► **M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann an deene leschte Joren immens Ustrengunge gemaach goufen, fir d'Zuel vun den Accidenter ze reduzéieren, esou hu mer leider nach ëmmer net eist ambitieëst Zil erreecht, fir datt keng Doudeger méi sollen op de Stroosse leie bleiven. Mä trotzdem, et muss een awer drop hiweisen, datt sech eng positiv Entwécklung gemaach huet. Ech erënneren drun, datt zum Beispill 1970 nach 132 Doudeger op eise Stroossen ze verzechné waren. No 2016 waren et der „just“ - tëschent Guillemeten - 32. Mä leider huet dëst Joer ganz schlecht ugefaangen, an et kann een nëmmen hoffen, datt déi Statistik, déi de Mount Januar opzeweisen huet, elo net weidergefouert gëtt an deenen nächste Méint.

Tatsaach ass, datt nach ëmmer ze vill Leit hiert Liewen op eise Stroosse verléieren. Et dierf en natierlech och net vergiessen, dat gëtt oft ënnerschat, d'Zuel vun deene Leit, déi schwéier verletzt sinn, déi fir hiert Liewen u sech Sequelen hunn an déi doduerch enorm Problemer och hunn. Dat ass, wéi gesot, en negativen Impakt, deen oft net genuch am Fokus steet.

Eppes ass sécher, an dat soll keng generell Accusatioun sinn: Et ass mat Sécherheet keen, dee sech perfekt am Stroosseverkéier verhält, mä een, dee vill an d'Ausland mam Auto fiert, muss leider zur Konklusioun kommen, datt de Stroosseverkéier hei zu Lëtzebuerg net onbedéngt deen disziplinéiertsten ass - fir net méi ze soen.

Wéi mer decidéiert hei haten, fir déi Radaren opzestellen, ech mengen, et sinn der entre-temps 26, du waren natierlech net iwwerall d'Leit begeeschtert. Och haut gëtt et nach ëmmer Leit, déi mengen, datt d'Installatioun vun deene Radaren net onbedéngt eng Moosnam wier, fir de Verkéier besser an de Grëff ze kréien. Ech mengen awer trotzdem, datt dat net onbedéngt richtig ass.

Dëst Gesetz soll jo elo eng Rei Vereinfachunge mat sech bréngen. Ech gi ganz gären zou: D'DP war, ënner anerem, Demandeur, datt soll deen éischte Brëif ageschriwwene sinn. Firwat? Ma well mer deemools gemengt hunn, datt och eng sécher Preuve géif virleien, datt eben den Avertissement taxé zougestallt ginn ass. Ech ginn awer gären zou, datt an der Praxis dat net onbedéngt förderlech ass an datt déi Prozedur, déi elo zréckbehale ginn ass, awer och eis Ennerstëtzung féint.

Firwat maache mer déi Ännerungen haut? Mä eben, well mer feststellen, datt eng ganz Rei vu Leit mengen, si bräichten déi Avertissement-taxéen net ze bezuelen. An duerfir sinn ech awer elo licht verwonnert iwwert d'Positioun vun der CSV an deem Dossier hei. Ech

mengen, mir ginn deene Leit ganz vill Méiglechkeeten, am Endeffekt 90 Deeg, fir kënnen en Avertissement taxé vun 49 Euro ze bezuelen. An et huet een nun eben awer eng..., net eng Strofdot begaangen, mä et huet een nun eben eng Infraktioun gemaach. An dann ass dat an engem Rechtsstat esou, da soll een dat och bezuelen.

An ech mengen net, datt een onbedéngt soll hei eng gewësse Pitié fir déi Leit opbréngen, déi da laang Delaie versträiche loosse a mengen, si kéinte sech do derlaanschtzéien. Duerfir fanne mir déi Moosnam, déi hei getraff ginn ass, datt eben och elo déi Amende forfaitaire kënnt, gutt. An dann huet ee jo nach ëmmer d'Méiglechkeet, e Recours dergéint anze-reechen, quitta datt, wann ee recht sollt kréien,... Ech si bal iwwerzeegt, datt een an deene weinegste Fäll no esou engem laangen Delai iwwerhaapt nach recht kritt. Dowéinst, wéi gesot nach eng Kéier, ass awer déi Positioun vun der CSV do zumindest ze hannerfroen.

Et ass och nach en aneren Aspekt, deen hei och eng ganz staark repressiv Moosnam an deem Gesetz mat sech bréngt, dat heescht d'Immobilisatioun vum Auto an Zukunft. Bei deem, deen u sech dann net bezuelt huet, deen dann awer nach eng Kéier ugehale gëtt, kann et sinn, datt ebe wéi gesot dee muss säin Auto stoe loosse. Dat ass eng ganz staark, eng stramm Strof. Mä och dat soll awer en Zeeche sinn! Et kann dach awer net sinn, wann een eng, wéi gesot, Gesetziwwerschreidung mécht, dat gëllt net nëmme fir de Stroosseverkéier, datt een awer da sech d'Recht eraushëlt a mengt, et kéint ee sech do derlaanschtzéien. Dat geet einfach net!

An dowéinst, esou schlëmm dat och eben ass, d'Politik muss och hei eben nach e bësse méi repressiv virgoen. Dat maache mer hei. A mir gesinn dat an deem Sënn och trotzdem da positiv.

Fläicht eng lescht Remark nach, och wat elo de Problem mat de Firmenautoen ubelaangt. Och do ass et sécher, datt een elo d'Patronen an deem Sënn responsabiliséiert, datt se musse kloer matdeelen, wien dann elo schlussendlech hannernt dem Steierrad souz, wann ebe wéi gesot ee geblëtzt gëtt, dee mat engem Auto ënnerwee ass, wat net säin eegenen ass, mä enger Firma gehéiert. Och hei kënnt da wéi gesot méi Transparenz eran.

Nach eng Kéier ofschléissend: Et ass een ni frou, wann een an der Politik muss zousätzlech Repressiounen decidéieren. Mä heiansdo muss een dann un dat däitscht Spréchwuert erënneren: „Wer nicht hören will, muss fühlen.“ An an deem Sënn, wéi gesot, gi mer dann och eis Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, villmools Merci. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un d'Madamm Lorsché. Si huet hei dee Projet, mengen ech, ganz gutt erkläert. An ech kann och am Numm vun der ADR eis Zoustëmmung ginn.

Ech wëll awer soen, datt eis Léift zu de Radaren net onkonditionéiert ass. Déi Radare sinn do, fir de Verkéier ze berouegen. Si sinn net do, fir fir de Stat eng zousätzlech Akommesquell duerstellen. A wann een dat seet, da muss een och kloer wëssen, datt d'Opstelle vun de Radare muss u Konditiounen gebonne sinn.

Éischtens mussen d'Plaze gutt gewielt sinn. Mir hunn net den Androck, datt d'Plaze fir déi Radaren, esou wéi mer se am Abléck kenne fir déi fix Radaren, ëmmer optimal ausgewielt sinn am Hibleck op eng Berouegung vum Verkéier.

Déi zweet Bemierkung ass, datt mir eis géife méi eng grouss Proportionalitéit wënschen tëschent der Héicht vun der Strof an där Vitesse, déi ee fiert. Wann een een oder zwee Kilometer iwwer eng Vitesse läit, nom Ajustement, da soll dat an eisen Ae manner héich bestrooft ginn, wéi wann een däitlech méi séier gefuer ass, fir do eng gewësse Proportionalitéit a méi Gerechtegkeet an de System eranzebréngen.

An dat Drëtt ass, nach eng Kéier, mir denken, datt d'Radaren do sinn, fir de Verkéier ze berouegen. An d'fir géife mir och nach eng Kéier insistéieren, datt d'Radaren däitlech ugekënnegt sinn, a wa méiglech och mat dem Rappel vun där Vitesse, déi op där Plaz muss gefuer ginn, maximal. Mir hu vill Plazen, wou ee sech fret, wann e Radar kënnt: Ass et dann elo hei 90, 80, 70? Wat ass dann elo hei genau d'Vitesse? A wann d'Zil eben ass, fir d'Leit derzou ze bréngen, méi lues, méi verantwortlech, méi sécher ze fueren, da soll dat awer op deene Plazen nach eng Kéier ganz kloer gemaach ginn: Hei ass e Radar, an dat do ass déi maxi-

mal Vitesse, déi op dëser Plaz dierf gefuer ginn.

Wann déi Konditiounen erfëllt sinn, mengen ech, dann ass d'Zilsetzung vun de Radaren och méi däitlech ënnerstrach an domadder och gläichzäitig d'Akzeptanz bei de Leit. Dat gesot, géife mer awer gären den Accord gi fir dës Léisung, well se eng administrativ Vereinfachung fir vill vun eise Matbierger duerstellt.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet d'Wuert den Här Nohaltegekeetsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci un d'Rapportrice fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport an och alle Riedner fir hir Bäitrag a fir déi breet Zoustëmmung.

Ech hunn de Mëtteg d'Chance, datt ech hei dräimol mat 60 Stëmmen ewechkommen.

(*Hilarité*)

Do ass een natierlech frou driwwer.

(*Interruptions*)

Also wann esou wichteg Projekte wéi déi, déi mer de Mëtteg gestëmmt hunn, vun der Chamber unanime gestëmmt ginn, dann ass dat e ganz gutt Zeeche fir d'Ëmsetzung vun deene Projeten, well mir maachen d'Gesetzer jo net, well mer hei eis wëllen ameséieren, mä well mer gären dobaussen an der Gesellschaft Verännerungen hätten. An ech mengen, dat ass e gutt Zeechen, wann d'Chamber unanime hanner esou Gesetzer steet.

Zwee Objektiv huet dat Gesetz hei: Dat éischt ass eng Entlaaschtung vun de Gerichter an dat zweet ass Gerechtegkeet a Gläichbehandlung. Wann 83% vun de Bierger dobausse sech korrekt verhalten, sech verhalten, wéi et normal an eiser Gesellschaft iiblech ass, mat deem gewësenen zivilrechtliche Verständnis, dann ass dat eigentlech eng ganz gutt Nott fir Lëtzebuerg, dat heescht, well 83%, dat ass jo eng ecrasant grouss Majoritéit, déi sech total korrekt verhält.

An dann ass et desto méi wichteg, datt de Legislateur derfir suergt, datt déi 17%, wat eng krass Minoritéit ass, déi mengen, d'Gesetzer wäere fir si net do, datt déi zur Rechenschaft gezu ginn a se gesot kréien: „Dat kann net sinn.“ Déi 17% do mussen net mengen, si kéinten derlaanschtkommen, wann de Rescht sech normal verhält. Well déi Mesuren, déi mer ergreifen, maache mer jo net, well mer d'Leit wëlle péngen oder well mer gären hätten, datt d'Leit d'Freed geholl kréien um Fieren oder um Liewen, wat weess ech, mä et geet hei ëm Stroosessécherheet.

A wann ee sech d'Fro stellt, elo grad ass se erëm gestallt ginn, wat et bréngt an net kéint bréngen, ob se richtig oder falsch géife stoen; wann ee sech d'Fro stellt, ob se eppes bréngen, an effektiv ass dat jo vill diskutéiert ginn an erëm hei ronderëm, dann ass et am beschten, et hëlt een d'Zuelen, fir ze kucken, ob et eppes bruecht huet oder net.

Tëscht 2014 an 2017 sinn d'Verkéiersdoudeger - ech hunn elo déi lescht Zuele fir 2017 definitiv arretéiert, datt sinn déi definitiv Zifferen vun de Verkéiersdoudeger, dat heescht, datt sinn nëmmen d'Verkéiersdoudeger - erofgaange vu 45 Doudeger op elo 25. Dat ass 40% manner. 40% manner! 40% Liewen hu mer gerett duerch déi Mesuren, duerch deen Aktionsprogramm, dee mer gemaach hunn. An duerfir, fir mech schwätzen déi Zuele fir sech a beleeden, datt déi Mesuren, déi mer ergreifen hunn - dat hei ass eng dovunner an awer net déi onwichtigst, géif ech soen -, datt déi eppes bruecht hunn.

An et ass och net esou, oder et geet jo hei net nëmmen ëm déi fix, mä et geet och ëm déi mobil Radaren, Här Kartheiser. D'Police huet jo och sechs mobil Radare kritt. Déi ginn net ugekënnegt, souwisou net. An déi wandere jo lénks a riets. An dat soll jo och d'Zil sinn dovunner: Datt mer net nëmmen déi Plazen ofsécheren, wou mer stroossebautechnesch näischt anescht kënne maachen an duerfir fixer hisetzen, déi souwisou och gutt gezechent sinn, an dann duerfir gären hätten, datt d'Leit do besonnesch oppassen. Mä et geet drëms, datt déi mobil Radaren zu engem Gesamtverhale bäidroen, datt mir alleguerten, wéi mer heibanne setzen an dobausse setzen a fueren, eis un déi virgeschriwwene Vitesse sollen halen.

Well ech wëll nach eng Kéier drun erënneren: Wann op engem Panneau d'Maximalgeschwin-



degkeet 70 oder 90 steet, dann ass dat net eppes, wat mer dohinner schreiwen, well eis soss näisscht Besseres afält, mä dat ass e Gesetz. Dat steet am Code de la route. A wann ee sech net dorunner hält, ass dat e gesetzleche Verstouss. A mir setzen déi Geschwindegkeetsbegrenzunge fest, well mer gär hätten, datt mer all zesummen eis kënnen a Sécherheet op der Strooss bewegen, datt dee Misär vu schwéier Blesséierter an Doudeger op de Stroossen eng Kéier en Enn kritt.

D'lescht Joer hu bal 26.000 Leit an Europa, eleng an der Europäescher Unioun, hiert Liewe verluer op der Strooss. Dat ass eng eenzeg Katastroph, an dat kënnen mer net hinhuelen! Bei all aner Krankheet, déi sech géif ukënnegen, wou mer prognostizéiert géife kréien, datt an engem Joer esou vill Doudeger kéinten ustoen, da géif d'Welt um Kapp stoen. An hei huele mer dat einfach un! Mir huelen dat als eng Selbstverständlechkeet un. An et ass just nëmmen een eenzege Misär.

Dat hei ass ee Volet, deen derzou bäidréit, niewent villen aneren, datt et besser gëtt. D'Zuele sinn nach ëmmer net, wéi se solle sinn, mä mir sinn awer mindestens um gudde Wee. Si si besser ginn, wéi se waren. An duerfir encouragéiert dat mech, an deem Sënn weiderzefueren.

Just nach zwee Sätz zu där Fro vum Här Kaes, ob dat gerecht ass, wann ee bei dem drëtten Rappell da muss bezuelen, ier een de Recours ka maachen, oder net. Éischstens ass et net richtig, Här Kaes, datt mir dat eenzeg Land sinn, wat dat huet.

- **M. Aly Kaes** (CSV).- Ech hunn dat jo gesot.
- **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Neen, Dir hutt gesot, mir wären dat eenzeg, wat et hätt.

- **M. Aly Kaes** (CSV).- Net!
- **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Aah! Well a Frankräich, wësst Der, wéi et do ass? Do musst Der direkt bezuelen. Do musst Der scho beim éischten Rappell direkt bezuelen, och wann Der wëllt e Recours maachen. Do musst Der d'office bezuelen, egal ob et beim éischten ass oder beim zweeten.

Hei hu mir dräi Phasen agebaut. Déi éischt mat 45 Deeg, wou Der normal avertéiert gitt, also ouni Recommandé. Da kritt Der deen éischte Recommandé geschéckt. Dat ass dann deen zweeten Ziedel, deen Der heemkritt, dat ass dann e Recommandé. Da kritt Der nach eng Kéier 45 Deeg, wou Der kënnt e Recours maachen, ouni datt Der musst bezuelen. Dat heescht, 90 Deeg hutt Der schonns Zäit, wou Der kënnt e Recours maachen, ouni datt Der musst ee Centime bezuelen.

An da kënnt deen drëtten Recommandé. An Dir musst lech scho virstellen, wat dat alles bedeit vun administrativem Opwand. Well och wa mer dat elo vun de Gerichter ewechhuelen - wat jo eng gutt Saach ass -, da bleift jo nach ëmmer den Enregistrement, deen d'Aarbecht behält herno. An do ass jo e Käschtepunkt dermat verbonnen, wa mer mussen andauernd Rappeller schécken, Beamte beschäftegen, fir esou eppes ze maachen. Da fannen ech et awer wierklech absolutt normal - wann ee sech 90 Deeg Zäit geholl huet, fir dat ze maachen -, datt mer dann dee Wee ginn, fir ze soen, datt en dann och direkt muss bezuelen, ier e säi Recours mécht.

Well ech sinn der Meinung wéi den Här Graas: Een, deen esou laang waart, deen huet e ganz schlecht Gewëssen. An deem geet et net drëms, datt e fënnt, datt en ongerecht behandelt gouf, mä deem geet et drëms, fir ze soen:

„Dir kënnt mech emol. Ech bezuelen einfach net!“ Wann een 90 Deeg Zäit huet! Op alle Fall, wann ech géif e Protokoll kréien an ech wär pertinemment der Iwwerzeegung, datt ech deen zu Onrecht kritt hätt, well ech géif fannen, aus iergendengem Grond, ech wär net ze séier gefuer, et wär falsch gemooss ginn - wat weess ech? - iergendeppes, ech mengen, da maachen ech dat souwisou direkt, da waarden ech net 90 Deeg, ier ech dat maachen. An duerfir, wéi gesot, hei hunn ech déi 90 Deeg. An et ass absolutt berechtegt. Well et geet hei drëms, datt mer net kënnen toleréieren, datt eng extrem Minoritéit vu Leit de Geck mat der Allgemengheet an och mam Stat mécht.

Ech soen lech Merci.

- **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7111 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7111 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung huet ugefaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

- **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Här President, et geet net.

- **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, mir berichtege dat dann. Dat ass kee Problem.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer: Och hei hu mer mat 59 Jo-Stëmmen eng Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch

(par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Laurent Mosar), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Roger Negri), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn (par M. Claude Lamberty), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Déi nächst öffentlech Sëtzunge sinn an der Woch vum 27. Februar. En attendant ginn d'Aarbechten an de Kommissiounen monter weider.

Ech soen lech Merci. An d'Sëtzung ass elo ofgeschloss.

(Fin de la séance publique à 16.19 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. Hommage à la mémoire de M. Carlo Meintz, Député honoraire
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
3. Communications
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
4. 7247 - Proposition de loi ayant pour objet d'amender le Code de la sécurité sociale
 - Déclaration de recevabilité: M. Mars Di Bartolomeo, Président
5. Ordre du jour
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
6. Heure de questions au Gouvernement

Question n°299 du 26 février 2018 de M. Gilles Baum relative à la construction d'un nouveau hall sportif pour le Lycée classique d'Echternach (LCE), adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

 - M. Gilles Baum - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question n°300 du 27 février 2018 de M. Marc Spautz relative à la réforme de l'assurance dépendance, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

et

Question n°301 du 26 février 2018 de Mme Taina Bofferding relative à la mise en œuvre de la réforme de l'assurance dépendance, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale

 - M. Marc Spautz - Mme Taina Bofferding - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

Question n°302 du 27 février 2018 de Mme Cécile Hemmen relative à la pose de la fibre optique sur le territoire national, adressée à M. le Ministre de l'Économie

 - Mme Cécile Hemmen - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

Question n°303 du 27 février 2018 de M. Gast Gibéryen relative à la réaction de la société lux-Airport suite à la récente annonce de Ryanair, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

 - M. Gast Gibéryen - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures

Question n°304 du 27 février 2018 de M. Henri Kox relative au rapport biannuel de l'Institut luxembourgeois de régulation (ILR) sur le système d'étiquetage de l'électricité, adressée à M. le Ministre de l'Économie

 - M. Henri Kox - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie (interventions de M. Henri Kox et M. Roberto Traversini)

- Question n°305 du 27 février 2018 de Mme Martine Hansen relative aux nouvelles procédures de recrutement de nouveau personnel, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- Mme Martine Hansen - M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- Question n°306 du 26 janvier 2018 de M. André Bauler relative à l'impact du Brexit sur l'industrie manufacturière luxembourgeoise, adressée à M. le Ministre de l'Économie
- M. André Bauler - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie (intervention de M. Alex Bodry)
- Question n°307 du 27 février 2018 de M. Marco Schank relative aux agressions contre les agents des CFL, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- M. Marco Schank - M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
- Question n°308 du 2018 de Mme Taina Bofferding relative à la réalisation éventuelle d'un projet immobilier sur le site actuel de la halle des soufflantes à Esch-Belval, adressée à M. le Ministre du Logement
- Mme Taina Bofferding - M. Marc Hansen, Ministre du Logement
- Question n°309 du 26 février 2018 de Mme Joëlle Elvinger relative au détachement des travailleurs, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale
- Mme Joëlle Elvinger - M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
7. Ordre du jour (suite)
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
8. Désignation d'un candidat pour un poste de conseiller d'État
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président - M. Alex Bodry
 - Vote pour le poste d'un conseiller d'État
 - La séance publique est suspendue de 15.57 à 16.01 heures.
9. 7129 - Projet de loi portant ratification de la Convention n°169 de l'Organisation internationale du travail relative aux peuples indigènes et tribaux
 - Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel
 - Discussion générale: M. Aly Kaes, M. André Bauler, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum (dépôt d'une motion)
 - Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, M. Marc Baum, M. Georges Engel (renvoi de la motion en commission)